ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021

Kopie un d'Madamm President vun der Kommissioun fir Verdeedegung, Stéphanie Empain

Kopie un den Här President vun der baussepolitescher Kommissioun, Yves Cruchten

Här President,

zënter November 2020 existéiert eng geheimdéngschtlech Analys vun de Bedreeungen, déi op Europa zoukommen, déi vum EAD/EEAS (baussepoliteschen Déngscht vun der EU) zesummegestallt gouf. Hei geet et, wéi aus enger „kleinen Anfrage" am däitsche Bundestag ervirgeet, ënner anerem ëm geziilt Aflosshuele mam Zil vun der Destabiliséierung, wat zum Beispill duerch Desinformatioun a Cyberattacke kann erreecht ginn.

Ech bieden Iech heimat, eng gemeinsam Sëtzung vun de Kommissioune fir Verdeedegung a fir Baussepolitik anzeberuffen, a Presenz vun deenen zoustännege Ministeren, deenen Hären Asselborn a Bausch. Do kéint dee Rapport da virgestallt, analyséiert an diskutéiert gëtt.

D'Confidentialitéit vun der Reunioun sollt garantéiert sinn.

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten